adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

QP N°2188

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 15:40, 12/05/2020

Lëtzebuerg, den 12. Mee 2020

Betrëfft: Schoulmedezin

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

No mengen Informatioune maachen d'Schouldoktere bis zum Enn vun dësem Schouljoer keng regulär Visitte méi an de Schoulen. An enger Zäit mat engem méi héije gesondheetleche Risiko duerch eng Virusinfektioun, stellen sech dowéinst eng Rei vu Froen, déi ech dem Här Schoulminister an der Madamm Gesondheetsminister wéilt stellen.

1. Wéi ass d'Roll vun der Schoulmedezin bei an no der Nees-Rentrée-scolaire ze gesinn, déi jo während enger Pandemie stattfënnt? Wéini fänken déi regulär Visitte vun de Schouldokteren nees un?
2. Wann e Kand Symptomer vu COVID 19 an der Schoul opweist, kann den Enseignant dann de Schouldokter ruffen, mat der Garantie, datt deen och kënnt fir d'Kand ze ënnersichen?
3. Wann e Kand Symptomer vu COVID 19 opweist, hunn dann d'Elteren d'Méiglechkeet, bzw. d'Flicht, beim Schouldokter ze passéieren?
4. Ass de Schouldokter den normalen Uspriechpartner bei Froen iwwer de COVID 19 fir d'Enseignanten, d'Educateuren an d'Elteren? Gëtt de Schouldokter Direktiven un d'Schoulkommitteeen oder d'Enseignanten ?
5. Kréien d'Eltere Kontaktméiglechkeete mat der Schoulmedezin matgedeelt, fir si bei Froen, och am Corona-Kontext, kënnen ze beroden?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n° 2188 du 12 mai 2020 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser concernant la "Médecine scolaire".**

D'Personal vun der Schoulmedizin vun der Gesondheetsdirektioun, wäerte fir den Schoulufank (d'Nees-Rentrée-scolaire) nom Déconfinement weider fir d'Ëmsetzen a Weiderféieren fir d'Betreiung vum PAI (projet d'accompagnement individuel) schaffen an kucken fir d'Bedierfnesser vu vulnérabelen Kanner z'organiséieren. D'schoulmedizinesch Équipë ginn net an de Schoulen während dëser Period agesat, awer këmmeren sech, mat den Etablissementer, drëm, déi adäquat Sanitärbedéngungen zur Verfügung ze stellen, déi virun der Ëmsetzung vun de schoulmedizineschen Ënnersichungen noutwenneg sinn. Si stinn och fir d'Schoulen zur Verfügung fir Ënnerstëtzung a Berodung ze bidden, all Kéier wann néideg.

D'Reprise vun de reguläre Visiten wäert normalerweis am September erfollegen.

De Schouldokter mécht keng therapeutesch Betreiung, mee ass do, fir präventiv Ënnersichungen ze maachen, an d'Promotioun vun der Gesondheet am Allgemengen bei de Schoulkanner ze förderen. Et ass evident, datt de Schouldokter den Hausdokter, dee säi Patient am beschten kennt, net ersetzt. Am Fall vun COVID-19 Verdachtssymptomer, soll een d'Kand isoléieren, d'Elteren uruffen an hinnen d'Situatioun erklären. D'Elteren sollen dann hiren Hausdokter kontaktéieren oder an e Service d'Urgence vun engem Spidol goen.

Et gëtt keng Pflicht fir bäi e Schouldokter ze goen am Fall vun enger Krankheet. Dat betrëfft och de COVID-19.

D'Schoulmedizin steet säit dem Ufank vun der Krise zesummen mat der Inspection Sanitaire vun der Gesondheetsdirektioun an éischter Réi, am Kampf géint d'Verbreedung vum Coronavirus. D'Schoulmedizin huet bis elo op all Froen vum Léierpersonal an Elteren geäntwert an si steet och weiderhin dofir zur Verfügung.